# Infoblat N°9/2022

Januar/janvier2022

bigs@pt.lu www.bigslu.net

CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl
RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM
association agréée dans la protection de la nature




Den 30. November hu mer dem Chamberpresident de gemeinsamen APPELL zum MORATOIRE vum Bau vum CONTOURNEMENT vu Käerjeng iwwereecht! *(méi op Säit 2)*

## Erweiderung vum Verwaltungsrot bei der BIGS

Den 29. Dezember hunn d'Membres associé.e.s vun der **BIGS asbl** an enger Assemblée Générale extraordinaire eng Erweiderung vun hirem Conseil d'Administration gestëmmt. *(méi op Säit 3)*

## Save the DATES 2022 !

**Samschdes 8. Januar**
11:00 - 12:00 **Aktioun Bobësch**
**De Kampf ëm de Bësch geet weider!**

**Samschdes 12. Februar**
11:00 - 12:00 **Aktioun Bobësch**
**Plaquetten - en Häerz fir de Bësch!**

**Donneschdes 24. Mäerz**
19:00 **Assemblée générale ordinaire**

**Mëttwochs 20. Abrëll**
20:00 **20 Joer BIGS**
**ARTIKUSS**

## E glécklecht neit Joer 2022 ! Bleift gesond a kämpferesch ! E grousse MERCI un all déi vill Léit déi eis moralesch oder finanziell ënnerstëtzt hunn!

## Bleift weider solidaresch! Gidd Deel vum Widderstand! De Bobësch an den Zäemerbësch si nach net gerett!

#fir de besch

**Collecte de fonds**
pour financer le **RECOURS** pour la **préservation** de la **ZONE NATURA 2000**
Zäemerbësch/Bobësch

CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

## #firdeBesch #firdeMensch #Moratoire #keeContournement

**Am Kader vum Projet de loi 7423 wou et ëm d'Festhalen un der Erweiderung vum Stroossenetz geet, huet eng Delegatioun e gemeinsamen APPELL fir e MORATOIRE zum Bau vum CONTOURNEMENT vu BASCHARAGE un de Chamberpresident den Dënschden 30.12.021 iwwreescht.**

**Natur&Ëmwelt, Mouvement écologique, régionale Sud, Youth for Climate Lëtzebuerg** an d'**BIGS asbl** setzen sech an fir d'Erhale vun der NATURA-2000-ZONE a fir den aussergewéinleche BOBËSCH tëscht Suessem a Käerjeng a fuerderen e MORATOIRE vum Bau vum Contournement matten derduerch.

An Zäiten vun der Urgence climatique ass et suicidaire, dass an enger Géigend déi zu den bëscharmsten vun eisem Land gehéiert, e wertvollen ale Bësch einfach wéinst enger Strooss zerstéiert soll ginn. Experten warnen do virdrunn, wëll dësen 150 Joer aale Bësch kann net kompenséiert ginn an ass e wichtegen CO2-Killer dee mir sou néideg brauche fir eis Klimaziler ze erreechen. Dofir däerf de Bësch net einfach esou verschwannen.

Mär erënneren och drun, dass de Bau vum Contournement vu Käerjeng mat héijen NOX-Wäerter gerechtfäerdegt ginn ass, woubäi déi versprache Begleetmoossnamen fir de Verkéier zu Käerjeng an der avenue de Luxembourg ze entlaaschten, bis haut net ëmgesat goufen.

Bei dëse Wäerter, déi scho längst wäit ënnert dem Grenzwäert vun 40 $\mu g/m^3$ leien an déi di lëscht 4 Joer grad emol eng Kéier 2 Punkten driwwer lungen, an aktuell bei 29 $\mu g/m^3$ fir 2020 an virausiichtlech bei 27 $\mu g/m^3$ fir 2021 leien, ass de Schutz an d'Erhale vum Bësch absolut virrangeg - also déi wierklech « raison impérative d'intérêt public majeur» déi et ze verdeedege gëllt!

Et geet duer mat den eidele Versprieche vun der Politik - et muss konkret gehandelt ginn! Net eréischt muer, mä haut an elo direkt! Et ass nach kee Schued geschitt! Nach sinn d'Beem intakt an nach ass d'Naturschutzgebidd d'Heemecht vu ville seelenen Déieren- a Planzenaarten déi riskéieren soss ganz ze verschwannen.

**Fir de Bësch - Fir de Mënsch !**
**Kee Contournement vu Käerjeng !**

**1. Rendezvous 2022**
**Samschdes 8. Januar vun 11-12 Auer am Bobësch.**
**De Kampf ëm de Bësch geet weider !**

**Mir treffen eis an der Entrée vum Bobësch fir weider Plaquetten an eng Banderole opzehänken.**
**Duerno gett et en wuarmen Téi.**

**Et ass wichteg dass vill Léit kommen an sech solidaresch weisen !**

**#firdeBesch**
**#firdeMensch**
**#keeContournement**




Den APPELL fann dir a 5 verschidde Sproochen (däitsch, franséisch, englesch, portugisesch an italienesch) op eisem Site ***www.bigslu.net*** Vun do aus kommt der och direkt op de Link wou dir den APPEL ënnerschreiwe kennt!

**http://chng.it/72BpsnYL**

**Sidd solidarësch! Sidd Deel vum Widderstand!**
**#firdebesch #keeContournement!**

# Neie Verwaltungsrot bei der BIGS

Den 29. Dezember hunn d'Membres associé.e.s vun der **BIGS asbl** an enger Assemblée Générale extraordinaire eng Erweiderung vun hirem Conseil d'Administration gestemmt.

De neie Verwaltungsrot vun der BIGS besteet aus folgende Leit:

***Arendt Patrizia***, Secrétaire an Presidentin ff
***Cecchetti Myriam***, Grënnungsmember
***Goelhausen Marco***, Member
***Haas Marc***, Member
***Kipchen Sandra***, Member
***Leonte Lis***, Member
***Mathieu Jos***, Vertrieder vun der BIGS an der Ëmweltkommissioun
***Schumann Monique***, Trésorière
***Somogyi Frédérique***, Member

Des ausseruerdentlech Versammlung war néideg ginn, wëll eis Presidentin d'Bianca Leardini sech onerwaart aus Gesondheetsgrënn zréck gezunn huet; esou och hire Mann den Alf Gurschke fir si ze ënnerstëtzen. Mir soen hinne villmools Merci fir hiren Engagement all déi Joren a wënschen hinne vill Courage an dem Bianca eng séier Besserung!

## Blo Tuten - Wou steet eis Gemeng ?

**Bericht VALORLUX (März 2021)**
Bei eis an der Gemeng goufen 2020 bei 17.550 Awunner.innen eng Moyenne vun 19,35 kg PMC/pro Kapp iwwert déi Blo Tuten agesammelt. D'Landesmoyenne läit bei 18,14 kg PMC/pro Kapp.

Am ganze goufen an eiser Gemeng 339.620 kg PMC* iwwert dëse Wee agesammelt. Mat den neie Bestëmmungen däerfe vum 1. Juli un nach méi Zorten PMC an déi Blo Tut geheit ginn.

Denkt drun: déi ëmweltfrëndlechst Manéier ass nach ëmmer d'Vermeiden vu Verpackungen!
***Plastik, Metall a Kartrong**



## ZERO WASTE 6-R

**Refuse, Reduce, Reuse, Repair, Recycle, Rot**
(oflehnen, reduzéieren, weiderverwäerten, reparéieren, recyclen, kompostéieren)

## 2 BIGS-Vertrieder an der Ëmweltkommissioun

De **Jos Mathieu** an de **Romain Borrelbach** vertrieden d'Interessien vun der BIGS asbl an der Ëmweltkommissioun. Si wäerten eis op dëser Plaz regelméisseg iwwert Dossiere KRONOSPAN an CRASSIER um Lafenden halen.

Merci fir ären Engagement!

## Klimacharta, Klimapakt, Pacte pour la Nature ... *SUESSEM S'ENGAGE !*

An der Sitzung vum 19. November huet de Suessemer Gemengerot d'Leitbild vum ***Klimapakt 2*** an de ***Pacte pour la nature*** eestëmmeg ugeholl. Loosse mer hoffen, dass no de verbalen Engagementer och weider konkret Aktioune kommen!

Virun 2 Joer wuar och d'***Klimaresolutioun*** eestëmmeg ugeholl ginn. Mir haten mat de Kanner deemools eng Affiche fir e bessert Verständnis entworf. Dat Selwecht wäerte mer deemnächst mam Klimapakt 2 maachen. Déi, déi sech wëlle bedeelegen, kënne sech bei eis mellen ***bigs@pt.lu***



# B Ë S C H W A N D E R U N G

**Wärend der Aktiounswoch vum 13.-17. September 2021 hat d'BIGS asbl de Roger Schauls, Biolog an Expert op Besuch. Zesumme mat him sinn eng ronn 20 Leit op eng Bëschwanderung gaangen, déi et a sech hat. Hien huet eis an einfachen awer klore Wierder erkläert, firwat den 150 Joer ale Bobësch esou wäertvoll a wichteg fir d'Erhalen vun der Biodiversitéit ass, an seng Roll am Kampf géint d'Klimakris onersätzlech ass. De Bobësch muss niewent dem Zäemerbësch (Natura-2000-Zone) onbedéngt erhale bleiwen – si kennen net duerch d'Uplanze vu neie Beem kompenséiert ginn !**

**Spontan sinn 2 Kuerzfilmer entstanen, mat de wichtegsten Erklärungen, fir all déi Leit, déi des interessant an opschlossräich Bëschbesichtegung verpasst hun.**







*https://www.youtube.com/watch?v=1GNy7DvKCNU&t=15s*
*https://www.youtube.com/watch?v=3fJ4vx1PSxY&t=51s*

**Iwwert eise Site *www.bigslu.net* kennt een direkt op d'Filmer, wann een d'Ikonen uklickt!**

**2. Rendezvous 2022**
**Samschdes 12. Februar**
**11 Auer - Mir hänke kleng Häerzer an Hänn mat eise Nimm op e grousst Häerz!**

**Wien wëll, dass säi Virnumm och op dat grousst Häerz hänke kënnt, kann eis säin Numm mailen *bigs@pt.lu* a mindestens 10 € op de Konto vun der BIGS iwwerweisen oder iwwert Payconiq (Hand oder Häerz)**

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**



# BIGS PICS 2021










**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**







## DO IT YOURSELF
13.09.-16.09.2021
15:00 - 18:00
INSEKTENHOTEL
VULLENHAISCHEN
HOLZSCHNITZEN
SEEDBOMBS
BUTTONS

## BËSCHWANDERUNG / VISITE GUIDÉE FÔRET
BOBËSCH - ZAEMERBËSCH - GROUSSEBËSCH / NATURA-2000-ZONE
Freides/vendredi 17.09.2021
15:00 - 17:00 avec **Roger Schauls** biologue, MOUVEMENT ECOLOGIQUE

De MËNSCH an d'NATUR: Trëppeltour an Iwwerleeungen zu Klimawandel an Verloscht vun der Biodiversitéit.
L'HOMME et la NATURE : randonnée pédestre et réflexions sur le changement climatique et le maintien de la biodiversité.

## FILMOWEND - SOIRÉE CINÉMA
Freides/vendredi 17.09.2021
18:30 Hall polyvalent zu Suessem

**Hambi, der Hambacher Forst wehrt sich !**
Der Hambacher Wald wurde zum Symbol des Klimawandels und des Widerstandes!

Act BEFORE it's too late!

Intro: Zohra Barthelemy - Youth for Climate Lëtzebuerg

## AKTIOUNSWOCH 13.-17.09.2021
#firdebesch #keeContournement
**am Bobësch zu Suessem**
13. - 16.09.2021 beim Waassertuurm
all Daag 15:00 - 18:00
17.09.2021 Hall Poly Suessem ab 17:00

## BUFFET DE LA SOLIDARITÉ
Freides/vendredi 17.09.2021
20:00 hall polyvalent à Sanem
Buffet international à volonté
2 formules: vegan et non vegan
Solidarité : 25 €
*réservation: bigs@pt.lu - 661 591 913*

Collecte de fonds
pour financer le RECOURS
pour la préservation de la
ZONE NATURA 2000
Zäemerbësch / Bobësch
CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000